



**Antwort vun der Justizministesch, Elisabeth MARGUE op d'parlamentaresch Fro n° 237
vum 25. Januar 2024 vun den honorablen Députéierten Madame Alexandra SCHOOS a
Monsieur Fernand KARTHEISER**

Ad Fro 1:

Nom Akraafttriede vum Gesetz vum 7. August 2023 iwwert d'ASBLen an d'Fondatiounen, den 23. September 2023, goufe vun offizieller Säit aus eng ganz Rei un Informatiouns- an Ënnerstützungsmoosnamen zur Verfügung gestallt.

Fir d'éischt goufen am Kader vun enger grouss ugeluechter Informatiounscampagne un all d'ASBLen an d'Fondatioune Flyere verschéckt, fir iwwert dat neit Gesetz ze informéieren.

Am Oktober 2023 gouf den Internetsite myasbl.lu lancéiert an och d'Medie sensibiliséiert, iwwert dësen Internetsite ze informéieren. Den Internetsite bitt detailléiert Informatiounen zu dëse Sujeten:

- Déi wichtegst Neierunge vum Gesetz gi presentéiert;
- Informatiounen iwwert d'Akraafttriede vum Gesetz an d'Iwwergangszäit vu 24 Méint;
- Een detailléierte "*Guide comptable de la petite association*" gëtt presentéiert fir spezifesch op Froe betreffend der Comptabilitéit ze äntweren;
- Demarchë beim *Registre de Commerce et des Sociétés ("RCS")* ginn erklärt;
- Informatiounen iwwert Homologatiounsprozedure vun den Statute vun ASBLen; an
- Informatiounen iwwert Bekämpfung vu Geldwäschen an Terrorismusfinanzéierung.

D'Internetsäit bitt och Äntwerten op heefeg gestallte Froen. All d'Informatiounen op myasbl.lu an déi heefegst gestallte Froe gi reegelméisseg à jour gesat. Fir e bessert Verständnis goufen och Erklärungsvidoeen zur Verfügung gestallt.

Zousätzlech huet de Justizministère, an Zesummenaarbecht mat verschiddenen anere Ministère, eng Rei Informatiouns-Webinaren organiséiert fir d'ASBLE vun de jeeweilige Secteuren:

- den 19.09.2023 mam Kulturministère;
- den 17.01.2024 mam Sportsministère;
- den 19.01.2024 mam Familljeministère; an
- den 24.01.2024 mam Aussen- a Kooperatiounsministère.

Den Inneministère an d'Direktioun vum Tourismus vum Wirtschaftsministère sinn och kontaktéiert gi fir e Webinaire mat den ASBLE vun hirem Secteur ze organiséieren.

D'ASBLen an d'Fondatiounen hunn hefir näischt misse bezuelen.

Ad Fro 2:

Fir dass déi interesséiert Leit jidderzäit Accès op déi wichteg Informatiounen hunn, sinn ausféierlech Erklärungen betreffend der Comptabilitéit online op den Internetsitte myasbl.lu a lbr.lu ze fannen. D' Websäit myasbl.lu bitt e.a. e spezifesch "Guide comptable de la petite association" un. Dëse Guide wäert och nach a weidere Sproochen disponibel gemaach ginn. Op lbr.lu ginn et ënnert der Säit vum "Registre de Commerce et des Sociétés" zousätzlech Erklärungsvideoen an e Guide zu de "Comptes annuels" fir d'ASBLen. Dernieft goufen a ginn déi opgezielte gratis Webinaire ofgehalen, wou och op déi nei Reegelen an der Comptabilitéit agaange gëtt.

Ad Fro 3:

D'ASBLen hunn haut schonns d'Méiglechkeet sech un déi virdu genannte Quellen ze riichte fir Hëllef an Informatiounen ze kréien:

- www.myasbl.lu;
- www.lbr.lu;

Dernieft bidden aktuell eng ganz Rei Akteuren aus verschiddenen ASBL-Sectoren an och Gemengen eegen Informatiounsveranstaltungen, Hëllef an Couren zum neie Gesetz un. Et gëtt deemno momentan eng grouss Unzuel un Hëllef- an Informatiounsméiglechkeete fir ASBLen, dofir ass d'Ariichte vun engem spezifeschem Help Desk zurzäit net virgesinn.

Ad Froe 4 a 5:

Pauschal zousätzlech Finanzhëllef virzegesinn, géif déi ënnerschiddlech Situatiounen vun den ASBLen par Rapport zur Ëmsetzung vum neie Gesetz net consideréieren, dofir besteet hei keng automatesch Méiglechkeet.

D'Zil vum neie Gesetz ass et fir méi Transparenz a Kloeerheet ze schafen, woubäi den administrativen Opwand besonnesch fir kleng ASBLen esou geréng ewéi méiglech gehale soll ginn. Am Beräich vun der Comptabilitéit gesäit den Artikel 18 (1) vum neie Gesetz dofir vir, dass all ASBL eng Comptabilitéit muss féieren, mä hir Verpflichtungen awer proportionell zu hirer Gréisst an hiren Aktivitéiten solle sinn. Esou mécht d'Gesetz eng Klassifizierung jee no Gréisst vun den ASBLen a leet dräi Krittere fest, dorënner de Seuil vun 100.000 Euro Aktiva.

Déi praktesch Ëmsetzung vum neie Gesetz gëtt vum Ministère begleet a suivéiert, mä d'Gesetz ass emol eréischt zënter September 2023 mat enger Iwwergangszäit vu 24 Méint a Kraaft. Dofir ass et haut definitiv ze fréi fir iwwer eng Erhéijung vu Seulen nozedenken. Eng Indexatioun vum Seuil gouf net virgesinn, wëll dat et den d'ASBLen erschwéiere géif, nozevollzéien wat fir ee Montant vum Seuil aktuell gëllt, zumools, wa méi Indexranchen a kuerzer Zäit applicabel sinn.

Lëtzebuerg, den 27. Februar 2024

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue